
N°2705
Entrée le 22.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2705 vum 31. Juli 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Mars Di Bartolomeo.**

*1. Wéi sech an deene leschte Joeren, hei zu Lëtzebuerg, d'Grippenaktivitéit entwéckelt huet?*

An deene leschte Joren ass d'Grippenaktivitéit zu Lëtzebuerg, wéi och an de meeschten Nopeschlänner, staark duerch Covid- Pandemie beaflosst ginn. Wärend den Hygiène- an Distanzmesuren 2020/21 war d'Zuel vu Fäll ongewéinlech niddreg, mee zanterhier ass si nees geklommen an huet an de Wanteren 2022/23 an 2023/24 erëm Niveauen erreecht, déi mat der Zäit virun der Pandemie vergläichbar sinn. Dee leschte Wanter 2024/25 goufe méi Fäll deklaréiert wéi déi 3 Wantere virdrun.




*2. Wéi situéiert sech Lëtzebuerg a Saachen Impfschutz géint d'Grippe am Verglach zu eisen Nopeschlänner respektiv eisen EU-Partner?*

Wat d'Impfcouverture géint d'Gripp ugeet, läit Lëtzebuerg mat ronn 42 % vun de Leit iwwer 65 Joer am Joër 2024 ënnert dem EU-Duerchschnëtt. An och ënnert deem vun eise Nopeschlänner Belsch (57 %) a Frankräich (54%), mee éischter op engen Niveau wéi bei eisen däitschen Noperen : 2019/20 gouf do eng Couverture vun 39% gemooss.

*3. Gëtt et bei eis an deene leschte Joeren eng positiv oder negativ Entwécklung?*

D'Impfcouverture[1] géint Gripp ass zënter dem Joer 2012 stabel.

*4. Wien däerf haut, hei zu Lëtzebuerg, géint d'Grippe impfen?*

Zu Lëtzebuerg dierfen aktuell just Dokteren d'Grippeimpfung duerchféieren.

*5. Ass kuerzfristeg geplangt aner Beruffsgruppen, e.a. Apdikter, déi schon géint de Covid geimpft hunn, d'Impfung ze erméiglechen, sou wie dat an enegr Réi vun europäesche Länner de Fall ass?*

Kuerzfristeg ass net geplangt, d'Impfung och fir anere Beruffsgruppen, wéi z. B. den Apdikter, zougänglech ze maachen.

Lëtzebuerg, den 22. August 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

[1] Influenza statistics - Statistics Explained - Eurostat